PIRATEN
Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
11 JUIL. 2019
888

Lëtzebuerg, den 09/07/2019

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Kommunikatioun a Medien weiderzeleeden.**

A senger Äntwert op d'parlamentaresch Fro n° 391 vum 6. Mäerz 2019 schreift den Här Premier Minister :

*Am Koalitiounsaccord huet d'Regierung zum Sujet Lobbyregëster folgendes festgehalen: L'opportunité de créer un registre des représentants d'intérêts intervenant dans le processus législatif sera étudiée en vue d'accroître la transparence du travail des représentants d'intérêts."*

A weider :

*Den Ament ass d'Regierung amgaang genau dëst ze maachen andeems se en état des lieux erstellt vun deem wat et am Ausland an op europäeschem Niveau u Systemer gëtt. Et ass deemno ze fréi fir vun engem Ausschléisse vun engem Lobbyregëster fir d'Exekutiv ze schwätzen. Zu engem spéideren Zäitpunkt wäert dann iwwert d'Opportunitéit vun enger konkreter Ëmsetzung nogeduecht ginn.*

Bei eisen däitschen Noperen hunn sech Informatioune vum Tagesspiegel no am Juni 2019 eng ganz Rëtsch Intresseverbänn fir d'Aféiere vu sou engem Lobbyregëster op Bundesebene staark gemaach, dorënner ënnert ënnert anerem Vertrieder vum Bundesverband der Deutschen Industrie (BDI), dem Verband der Chemischen Industrie (VCI), dem Naturschutzbund Deutschland (Nabu), dem Bundesverband der Verbraucherzentralen (VZBV) an Transparency International. De genannten Akteuren ass et an deem Kontext wichteg sech bei hierer Aarbecht méi Transparenz ze ginn an domat och d'Méfiance säitens de Biergerinnen a Bierer hirer Aarbecht géigeniwwer, ofzebauen. Et ass also aktuell esou, datt d'Intressevertrieder selwer sech e Lobbyregëster wënschen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

- Här Premier Minister, kéint Dir eis iwwert den aktuelle Stand vun deem Etat des lieux renseignéieren? Wéi eng Erkenntnisser ginn et momentan an deem Zesummenhank?
- Steet den Här Premier Minister engem Lobbyregëster prinzipiell favorabel géigeniwwer an ass hien bereet dem Wonsch no méi Transparenz souwuel säitens de Biergerinnen a Bierger, wéi och den Lobbyvertrieder selwer, entgéint ze kommen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 11 juillet 2019

Objet : Question parlementaire n° 888 du 09.07.2019 de Monsieur le Député Sven Clement - Registre des lobbies

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés